FRÄIZÄIT '99
POSTKËSCHT 68
L-4701 Pétange

SPORT AN ERHUELUNG

zu Rosas op der Costa Brava

vum 06.04. bis den 17.04.2019

Léif Memberen,

Haut kritt Dir de Programm fir eis Spuenievakanz vum 6. bis den 17. Abrëll 2019 zu Rosas. Dës Rees ass flott fir Jiddereen, och wann Dir kee Vëlo fuert!!

Freideg, de 5. Abrëll:
Vun 18:00 - 20:00 Auer bréngt Dir Är Vëloen a Wallissen op Péiteng bei de KOENIG Norbert, 123, An de Jenken.
Mir fléien nëmme mat HANDGEPÄCK!!!
Samschdeg, de 6. Abrëll:
Um 10:00 Auer Rendez-Vous um FINDEL. Och dëst Joer fléie mir vum Findel mat der Luxair um 11:40 Auer op Barcelona. Zu Barcelona Transfert mam Bus op Rosas an den Hotel.
Vum 6. bis den 17. Abrëll:
wunne mir am Hotel Mediterraneo Park **** mat Vollpensioun a Wäin a Waasser iwwer Dësch.
Begleeten Toure mam Vëlo (30, 50, 80, 100 an 120 km) ginn ugebueden.
D'Vëloe stinn, wann se net gebraucht ginn, an engem zougespaarte Keller, mat Pompelstatioun an enger Wäschgeleeënheet. Dir kënnt bei allen Aktivitéite matmaachen, awer jiddereen ass och fräi ze maachen, wat him gefält. Zu Rosas wäert keng Langweil opkommen, wëll do ass jo allerhand ze kucken.
Mëttwochs, den 17. Abrëll:
Moies gi mir op de Fluchhafen op Barcelona gefouert, an da geet et mat der Luxair op Lëtzebuerg.
Um 17:25 Auer wäerte mir dann heiheem um Findel landen.

De Präis vun eiser Rees **pro Zëmmer**:
Eenzelzëmmer: 1.190 € / Duebelzëmmer: 1.900 € / Präisser fir Kanner op Ufro.
Am Präis abegraff ass de Fluch op Barcelona, de Bustransfert op Rosas an den Transport vun de Wallissen an de Vëloen, dat ganzt Aller a Retour.
Am Hotel Vollpensioun mat Wäin a Waasser iwwer Dësch.
Begleeten Toure mam Vëlo.

Wann Dir un dëser Rees interesséiert sitt, da mellt Iech esou séier ewéi méiglech un, andeems Dir den Umeldungsziedel era schéckt an en Acompte vun 200 € pro Persoun op eisen CCP iwwerweist.
De Rescht ass virum 29. Mäerz 2019 fälleg. Déi genee Zäite kritt Dir méi spéit matgedeelt.

Wichteg: Leet w.e.g. eng Kopie vun der Carte d'Identité bei d'Umeldung, fir all Persoun, déi matfiert!!

MIR RODEN EISE MEMBEREN ENG REESVERSÉCHERUNG ZE MAACHEN; FROT ÄEREN ASSURANCEN-AGENT!

De Comité

Hotel Mediterraneo Park

Unser Hotel liegt in der Mitte der schönen Bucht von Roses, im ruhigen Stadtteil Santa Margarita, nur 1,2 km von dem Zentrum und nur 180 m vom Strand entfernt.
Alle Zimmer sind sehr geräumig und haben Badezimmer mit Dusche oder Badewanne, Fernseher über Satellit, Klimaanlage, Heizung, Telefon, Minibar, Safe und Terrasse. Das Restaurant mit Buffet bietet Ihnen eine ausgeglichene, mediterane Vielfacht an Naturprodukten. Damit Sie richtig entspannen können, haben wir in unserem SPA Bereich ein Hallenbad, eine Sauna und einen Wirlpool. Wir bieten Ihnen zwei Schwimmbäder an. Wir haben eine große Grünanlage auf der man eine spektakuläre Sicht auf die Serra Verdera hat und auf derer Sie sich in der Natur sonnen können.
***Hotel Mediterraneo Park*: Platja Salatà, s/n 17480 Roses (Costa Brava) Telefon: 0034 972 980980**

FräiZäit'99 - Postkëscht 68 L-4701 Péiteng - Telefon: 50 98 02 - CCPL: LU39 1111 1716 5966 0000

Internet:www.fraizait99.lu Email: fraizait99@pt.lu